LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 27 MAI 2020

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
Luxembourg

REÇU
Par Alff Christian , 09:58, 27/05/2020

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire N°2091 du 24 avril 2020 de l'honorable député Monsieur Jeff Engelen, concernant la piste cyclable PC23, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten François Bausch, vum Minister fir Landesplanung Claude Turmes, a vum Finanzminister Pierre Gramegna, op d'parlamentaresch Fro n° 2091 vum 24. Abrëll 2020 vum honorabelen Deputéierten Jeff Engelen bezüglech dem Vëloswee PC23

Nom modifizéierten Gesetz vum 28. Abrëll 2015 iwwert dat nationaalt Vëlosnetz, erschléisst den Vëloswee PC22 d'Bleesbréck, d'Uertschaften Tandel a Furen, d'Gemeng Parc Housen a Lellgen an der Gemeng Kiischpelt. Den Vëloswee PC22 garantéiert esou den Accès zu den Vëlosweeër PC7, PC15 a PC21, a mat senger Antenne PC22a vun Furen aus op den Vëloswee PC3, deen laanscht d'Musel, d'Sauer an d'Our féiert.

Den Acquisitiounskommitee ënnert dem Finanzministère krut den Optrag fir déi néideg Terrainen fir de Bau vum ugeschwaten Deelstéck vum Vëloswee PC22 tëschent der Bleesbréck a Furen op Basis vum Emprisen-Dossier ze kafen. Dësen Emprisen-Dossier gouf vun der Stroossebauverwaltung erstallt. Mëttlerweil sinn d'Verhandlungen am Gaangen, dat nodeems eng Versammlung mat den Grondbesëtzer stattfonnt huet. Wärend den Erwerbs-Verhandlungen, versicht de Staat och aner Flächen am Ëmfeld vum Verlaf vum geplangten Vëloswee anzekafen; Flächen déi duerno als Austausch-Parzellen kënne gebraucht ginn.

Wat de Bau selwer vum Vëloswee PC22 betrëfft, wäerten d'Aarbechten kënnen ausgeschriwwen ginn, soubal déi néideg Terrainen zur Verfügung stinn. Den Ament lafen nach Gespréicher mat verschidde Grondbesëtzer, woubäi d'Entschiedegungen, déi de Staat an deem Kontext hinne proposéiert, strikten Regelen ënnerleien an och grondsätzlech fir all Besëtzer gëllen. An deem Sënn kënnen déi Uschëllegungen, déi aus der parlamentarescher Ufro ervir ginn, net bestätegt ginn.

Wa sech géif erausstellen, dass d'Verhandlungen mat verschiddenen Grondbesëtzer ouni Erfolleg sollten bleiwen, kann den 1. Artikel vum modifizéierten Gesetz iwwert dat nationaalt Vëlosnetz zur Uwennung kommen. Dësen Artikel deklaréiert dat nationaalt Vëlosnetz als ëffentlechen Notzen a stellt domat déi legal Basis duer, fir nom modifizéierten Gesetz vum 15. Mäerz 1979 kënnen ze enteegnen. Et gëtt awer ausdrécklech dorop higewisen, dat eng Enteegnung fir den Staat ëmmer dat allerleschte Mëttel duerstellt fir un déi néideg Terrainen ze kommen, an et gëtt am Virfeld ëmmer versicht sech mat den Grondbesëtzer am Gudden ze eenegen.